PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/08/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit, Energie & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

D'Regierung huet am Koalitiounsofkommes d'Transitioun op d'Elektromobilitéit als ee Käruleies definéiert, woubäi d'Part vum Elektroauto op eise Stroossen an den nächste Jore klamme soll. Fir dëst Zil z'erreechen, huet d'Regierung nieft der Primm eng Primm fir de Kaf vu Plug-In-Hybridautoen an Elektroautoen agefouert. Nichtsdestotrotz fueren op eise Stroossen de Moment ëmmer nach eng Majoritéit un Autoe mat enger Verbrennungsmotor.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill nei Autoe mat engem Verbrennungsmotor goufen dëst Joer zu Lëtzebuerg kaf?
2. Wéi vill Autoe mat engem Verbrennungsmotor goufen dëst Joer zu Lëtzebuerg ugemellt?
3. D'Gesamtzuel vun Autoen huelend, déi dëst Joer zu Lëtzebuerg kaf goufen:
    1. wéi vill Prozent vun den Autoen hu reng Verbrennungsmotoren?
    2. wéi vill Prozent sinn Elektroautoen?
    3. wéi vill Prozent si Plug-In-Hybridautoen?
4. D'Gesamtzuel vun Autoen huelend, déi dëst Joer zu Lëtzebuerg ugemellt goufen:
    1. wéi vill Prozent vun den Autoen hu reng Verbrennungsmotoren?
    2. wéi vill Prozent sinn Elektroautoen?
    3. wéi vill Prozent si Plug-In-Hybridautoen?
5. Wéi huet sech d'Gesamtzuehl un Autoen hei am Land tëschent 2013 an 2020 entwéckelt?
6. Wéi hunn sech d'Prozentsätz vun de folgenden Autosmodeller am Lëtzebuerger Fuerpark tëschent 2013 an 2020 entwéckelt:
    1. Reng Verbrennungsmotoren?
    2. Elektroautoen?

3. Plug-In-Hybridautoen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député